

Idiomen...?

Loosst mer emol direkt feststellen, datt **d'Ausdréck 'Mondart/Dialekt' en zimlech negative Gesmaach/Geroch** hunn, esou op d'Fassung 'et ass jo nëmmen...'. Do steet een an enger Rei mat kompetenten an eminente Wëssenschaftsleit, Linguisten, wann dir wëllt, déi kloer soen, et giff nëmme SPROOCHEN, nëmme IDIOMEN, déi op déi verschiddenst Fassonge gebraucht ginn, déi eng op engem ganz héigen Niveau/Level, déi aner méi 'am praktesche Liewen'... esou wéi **eisen IDIOM, d'Lëtzebuergesch Sprooch**; 'Idioma' ass iwregens nach haut dat griechesch Wuert fir eng 'Sprooch'. Doriwwer kann een sech zermeeschteren a streiden, bis datt keng Fatz Verstoos a Verstand méi iwreg bleift... mä dorëm geet et glat net!

Déi sougenannt **'grouss' Sproochen hunn alleguer mat der Zäit eng 'Mëtt' fonnt**, eng 'Standardsprooch' gemaach. Dacks aus deene verschiddensten Ursaachen, ower ëmmer mat deene selwechten Iddien als Basis. Déi Mëttel- oder Standardsproochen, déi fir äis am einfachsten ze explizéiere sinn, dat ass d'Franséisch an dat ass dat Däitsch... laang virun ewell d'Englesch. Et ass zënter Honnerte Joere kengem groussen Auteur an deene Sproochen agefall, sech nëmme an enger enk begrenzter Ënnersprooch auszredrücken.

Am 16. Joerhonnert huet de François 1^{er} – natierlech vrun allem aus politesche Grënn – dem 'Standardfranséischen' e breede Boulevard gebaut an all Mëttelen agesat, fir eng Sprooch ze favoriséieren, déi säi Räich geng mat zesummenhalen an esouguer vergréisseren; net ëmsoss ass d'Latäin op all Fassong 'gestaucht' ginn, an net fir näischt huet hien déi talentéiert Schreiwier op säin Haff gelackelt... d'franséisch Literatur konnt zerguttst starten an sech opdinn ewéi 'Kuchendeeg'. Am 17. Joerhonnert fanne mir beim Richelieu an 'senger Académie française' deeselwechten Zweck. Natierlech ass dat 'vereinfacht' an a Wierklechkeet vill méi komplex, mä et ass de Fong vum Phenomän.

An d'Däitsch? Gelungenerweis fanne mir do d'Formatioun vun enger Standardsprooch am selwechte Joerhonnert wéi am Frankräich, mä aus ganz aneren Ursaachen. **De Luther huet fir seng Bibelüwersetzung genee gespiert, datt do nëmme eng 'Mëttelsprooch' a Fro geng kommen**, fir senger Aarbecht a sengen Iddien dee breetste Raum ze verschafen, woubäi d'Drëckerkonscht dee beschte 'Weenche' war, fir seng Bibel mat deem standardiséierten Däitsch 'ënnert d'Leit' ze kréien. An de Joerhonnerten duerno fanne mir dann och knapps ee groussen Auteur, deen eng aner Sprooch schreift wéi en Däitsch, dat iwver deeselwechte Leescht, also 'Mëtteldäitsch' gezu war... en ongeheiert Resultat, wann ee bedenkt, aus wéivill Dosende vu 'Grimmelstaaten' dee Raum nach bis an d'19. Joerhonnert bestanen huet!

A bei äis...mat aller Bescheidenheet fir 'Proportiounen'... wéi ass et do mat engem 'Standard-Lëtzebuergesch'? Mä **watfir e Lëtzebuergesch hunn dann eis bekannt Auteure geschriwwen?** Ugefaang beim Tunn Meyer, iwver den Diederhufen, de Gangler, de Lentz, den Dicks, de Rodange, de Spoo, Willy a Max Goergen, Batty Weber, Joss Keup, Marcel Reuland **an all bekannt Auteure vun haut...déi schreiwen eng Zort Mëttelsprooch!** Dem Dicks ass kee 'Miseler' agefall, dem Rodange kee 'Bëlleger', dem Reuland keen 'lechernoacher'... ärem Schreiwert 'kengt Weelzer', an dat bei allem Respekt fir lokal a regional Sproochvarianten. Déi hunn hir Fonktioun am Fong nëmme do, wou si 'doheem' sinn. Éierlech: **wat hält dann en Élwenter vum lechernoacher, e Wëlzer vum Veiner, en Dauler vum Stackstaadter asw.** Do ass dach am normalen Ëmgang nëmme eng Mëttelsprooch, déi et bréngt... a mat deer mir eis Heemechtssprooch ofsécheren!


Verléifte Saachen

An de **'Rousen an der Stad'**, engem vum Dicks senge beléifste Lidder geet rieds vun de ville schéine Meedercher an der Stad; si wiere 'wäert, geléift' ze ginn'. Mir sangen dat a flotter Gesellschaft a mat Begeescherung... ouni drun ze denken, datt et déi Ausdréckswies an eiser Sprooch iwverhaapt net gëtt ☺. Am Lëtzebuergesch kann e Jong ee Gickelchen oder och nach zwee op e Meedchen hunn, mä **hie 'léift' et net; hien huet et ganz einfach (esou wéi eis Sprooch ass) gär oder ass, grad esou einfach, 'frou' mat him!** Iwregens kritt dat léift Kand dann och nach eiser typescher Nimm wéi *Stupp, Stuppes, Stippchen, Maus, Hues, Modi* asw. Stellt iech emol vir, et giff ee vu sengem léiwe klunge 'Kabés(chou)' oder 'Hunneg (honey)' schwätzen a mengen, dat wier méi elegant. Erënnert iech och nach un esou Ausdréck wéi *'dee gesäit dat gär, si gi mateneen, si freien* asw. Interessant, oder net? Mä probéiert dat emol an anere Sproochen. Do huet jiddereng hir Fassong.

Vläicht mengt elo den Dësen oder Deen, dat alles wier e Bewäis, wéi 'aarm' eis Sprooch jo soll sinn. **Wouop kënt et dann un: op 'je t'aime / ti amo / I love you' oder op d'Gefill, dat ee wëllt soen...** an ob et verstane gëtt? Da probéiert emol, d'Ausdréck aus deem Wuertfeld vum Däitschen an d'Franséisch an ëmgekéiert ze iwversetzen, datselwecht mam Engleschen ze maachen... frot Leit, déi Italiénesch, Spuenesch oder Portugisesch kënnen.

Am Marcel Reuland senger 'Kiermes am Duerf' steet et esou wéi et soll sinn: *'ech hunn Dech gär... mir gi mar bei den Här'*. Mir dierfen net vergiessen, datt den Edmond de la Fontaine an engem Haus matzen an der Stad opgewuess ass, wou (bei sengem Gouverneur vu Pappes) Dag fir Dag däitschsproocheg Garnisouns-Offizéier aus an a gaang sinn. Dem Lentz wier dat 'léiwen' net agefall; dem Rodange scho guer net... an ower waren si 'frou' mat hirem 'Mënsch', wéi d'Fra och alt genannt guff.

vum Lex Roth



Nei Scheffen- a Gemengeréit

Si sinn och alt **net ëmmer ze beneiden**, déi Leit aus de Gemengeréit, mä 'si wollten et jo esou hunn', soen der vill... et mussen der et ower maachen, mengen anerer. Dat stëmmt alles, a loosst mir hinnen alleguer dat Beschit fir déi nächst 6 Joer wënschen. Iwregens huet **'Scheffen' näischt mat engem Schaf mä mat Chef ze dinn; deemno en 'e' a keen 'ä'**.

Wat eis Sprooch ugeet, do geng ee sech ower wënschen, datt si an de Gemengeréit net vergiess gëtt, apaart wat **d'Stroossennimm** ugeet: Eng Haaptsaach ass, datt z.B. eis Flouernimm net bei neie Lotissementer a Stroossennimm vergruewe ginn; wann do 'zoubetonniert' gëtt an Haiser gebaut ginn, da soll d'Gemeng verstännegerweis dofir suergen... **datt de 'Volleksnumm' vun deer Géigend, net mat ënnert dem Gestengs verschwënt; wéinstens eng Strooss vun all Lotissement soll deen Numm erëmginn...** dacks ee vun den aller-eelsten Zeie vun der Sprooch, déi sech duerch d'Joerhonnerte gemaach huet. Dat ass ganz sécher kee bëllege Folklor mä Geschicht an esou vill wert wéi 'alt Gemaier'!

All Flouernimm aus dem Land hunn haut offiziell an eisem Kadaster hir verbessert a richtig Nimm am Computer. Dat verdankt d'AL der immenser Mataarbecht vum Här Éierendirekter Patrice Schonkert an de Kollegen no him alleguer! Dat Ganzt geet ewell an den Notariats-Annoncen un an da bei de 'Bauhäre' virun. Dat lescht Wuert huet ower d'Gemeng... wann et muss sinn, dann hëllef mir gär a gratis!

klappen

ass **deer Verben eent, dat mir all gudde Broutdag gebrauchen, ower knapps driwwer nodenken datt dat Wuert et fauschtendéck hannert de Bustawen huet.** Natierlech fanne mir et och am Däitschen, wann *etwas klappt* oder Schwéngereien am Mier *'verklappt'* ginn...mä dann ass et net eist 'verklappen' an och ewell bal eriwver, mir fanne just nach 'klopfen', ganz rar 'kloppen'. Do 'klappt' keen un der Dier, et huet och ni een eng Séissel *'geklopft'*, well *'dengeln'* dach vill méi elegant war; si *'verklapfen'* och kengem en Auto a *'klopfen'* néierens eng Partie Kaart. Datt do jeemools eng Auer *'geklopft'* hätt, ass och net bekannt. Mir hunn déi zwee: 'schloen' a 'klappen'.

Am Sport huet dat 'Klappen' sech bei äis ganz flott eragefuusst; do huet deen een en aneren ëmmer 'geklappt', dee gewonnen huet. Gelunge wier och nach e Saz, deen haut nach knapps ee versteet: *Wa fréier d'Wäsch gemaach guff, dann ass beim Bur iwver dem Bauche geklappt a vill geklaapt ginn.* ☺

Hei wier et nach intressant, drun ze erënnere, datt d'Lëtzebuergesch bei der Ännerung vum 'pf' op de 'p' deeselwechte Wee gaang ass wéi déi nordöstlech Géigend uewen un äis, wou deen 'Tëschen-' ewechfällt (*Pferd, Pfahl, Pfütze, Pfanne, Pfand, Pfingsten, Pfuhl, Pfarrei...*). Et dierf ee jo och emol no deer Fassong op d'Lëtzebuergesch kucken...an da ganz séier mat 'Lautverschiebung' an dees no bei déi pur Sproochwëssenschaft geroden.

Melusina

Viru ronn 130 Joer huet en héichgeléierten Här Professor, den Nic. Greth en décken Drulles vu Buch erausginn, dat **eng Zort vu 'Patrimoine immatériel' vu Lëtzebuerg** ee fir allemol ofgeséichert huet: de **'Sagenschatz des Luxemburger Landes'**. Den Här Gredt hat a joerzëngte laanger Aarbecht zimlech **alles zesummegelammelt, wat vu Soen a Seechercher uechter d'ganz Land ze fanne war**; datt et op däitsch erauskomm ass, mécht der Saach keng Kniewwel; wichteg ass net d'Schuel, mä wat dran ass.

Hei fanne mir dann och **d'Geschicht' vun der Melusina an dem Grof Siegfrid, dem Grënner vun der Stad Lëtzebuerg.** Dat 'Melu' – wat e flotten Nimmchen hunn eis jonk Leit do gemaach! – ass iwregens net vun hei, well mir fannen et och ewell méi fréi am Südweste vu Frankräich (Poitou)... ower och schonn éischer um Balkan. De Fong schéngt vun nach vill méi fréi a wäit ze kommen. Wéi et bei äis gong, huet bis elo nach keen erausgekruwwelt, mä: **den Zesammenhank vun der Legend mat eiser absolutt authentischer Geschicht (Akt vum Tosch mat den Tréier Maximiner, 963, vu Lännereie bei Feelen an dem Bockfiels) ass en eemolegen Dréi an deer ganzer Melusina-Geschicht!** Do läit dann och d'Bedeutung vun enger Initiativ, déi dir an deer nächster KLACK méi genee matkritt... schléisslech sinn et 2013 genee 1050 Joer, datt... an dat muss ënnerstrach ginn!

Abejo!

Gutt Frënn, de Professor Fons Biver a seng Fra hunn eng jonk Japanerin kennegeléiert, déi Doktorandin hei op der Uni ass. Si ware paff, datt déi no eppes weider wéi engem Joer Lëtzebuergesch geschwat... a geschriwwen huet! Natierlech hunn si mir déi jonk Madame recommandéiert, fir mech mat hir iwver d'Problematik vun eiser Sprooch an iwver hir Studien hei ze ënnerhalen. Ech mengen, et wier dowäert, eise KLACK-Lieser dee klunge Mail am Original ze liesen ze ginn, deen d'Joffer duerno dem Här Biver geschéckt huet... an sech selwer eng Meinung driwwer ze maachen. Dann, wéi d'Maybrit Illner seet: *Bleiben sie heiter...irgendwie.* ☺

Gudden Owend léiwe Fons, ech konnt gëschter de Moien den Här Roth gesinn. Hien ass ganz fein an d'Gespréich mat him war ganz interessant an animéierend. Ech hat bis dohin nëmme déi Perspektiv als "Fuerscher" oder "Linguist", awer dat Gespréich mam Här Roth huet mer een neien a wichtige Gesichtspunkt gebruecht. (quod erat demonstrandum! L.R.)

Villmools Merci, datt dir mech him virgestallt hutt.